PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 07/04/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.

Am Oktober 2014 gouf eng éischt Distributions-Campagne vu Kaliumiodidtablette gestart. Laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2618 huet de Lëtzebuerger Staat deemools 2,5 Millioune Pëlle kaaft gehat. Ronn 182'000 Leit waren sech deemools Tabletten op hier Gemeng oder an hier Apdikt sichen. Um Site InfoCrise vum Staatsministère kann ee liesen:

> *"Die Einnahme von Kaliumiodidtabletten ab 6 Stunden vor dem etwaigen Einatmen von radioaktivem Jod, also 6 Stunden vor dem Vorbeiziehen der radioaktiven Wolke, bietet der Schilddrüse hundertprozentigen Schutz."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat war den Verfallsdatum vun den 2014 verdeelten Kaliumiodidtabletten? Gedenkt d'Regierung déi ofgelafen Tabletten ze ersetzen an, gegebenfalls, eng néi Distributions-Campagne ze starten?

2. 2014 kruten och 150 Entreprisë Kaliumiodidtablette verdeelt. An der Äntwert op déi deemoleg Fro heescht et:

   > *"La commande de comprimés d'Iode par les entreprises est toujours possible et la Division de la radioprotection du ministère de la Santé continue à recevoir régulièrement de telles demandes par les entreprises."*

   Wéi vill Ufroe sinn an deene leschten 2 Joer bei der Division de la radioprotection gemaach ginn?

3. Och an de Schoulen, Maisons Relaisen a Crèchë goufen deemools Stocke vu Kaliumiodidtabletten opgestallt. Goufen eventuell ofgelafen Tabletten aus dëse Stocke schonn eraus geholl an ersat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député